N° 7745
Entrée le 10.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An der Vergaangenheet huet den IRM um Potaschbierg ëmmer nees fir Gespréich gesuergt. De Ministère wollt d'Notzung vun IRMen a private Praxen net geneemegen, mam Argument, dass ee privaten Investisseuren op dës Aart a Weis net wéilt d'Dier opmaachen, fir aus der Gesondheet vun de Leit Kapital ze schloen. D'Situatioun gouf schlussendlech geléist, andeems de CHL den IRM aus der Praxis als Antenne zum eigentleche Spidol iwwerholl huet.

Un eis gouf elo erugedroen, dass et a verschiddene Gemengen Zänndokter-Cabineten ënnert der Form vu Sociétés commerciales soll ginn, déi privaten Investisseuren (zum Beispill eemolegen Immobilienagenten) gehéieren. D'Investisseure stellen d'Dokteren an a ginn hinnen och d'Materialien an d'Geräter fir hier Aarbecht. Am Géigenzuch mussen d'Dokteren dacks bis zu 50 Prozent vun de Suen, déi si verdéngen, un hir Patronen (also d'Investisseuren) oftrieden. Zu den Apparater, déi d'Dokteren zur Verfügung gestallt kréien, sollen och Rëntgenapparater gehéieren. Fir d'Uschafung vun dëse Geräter brauch een awer eng Autorisatioun vum Gesondheetsministère. Well an de genannte Praxen de Proprietäre vum Rëntgenapparat net den Zänndokter selwer ass, misst also an den Demandes d'autorisation vun de Rëntgenapparater en aneren Numm stoen, wéi dee vum Dokter.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass et hei am Land Cabinete ginn, déi privaten Investisseuren an net den Doktere selwer gehéieren? Wa jo, wéi vill esou Cabinete ginn et an a wat fir Gemenge sinn dës lokaliséiert?

2. Am Fall wou d'Äntwert op d'Fro 1 "jo" ass: Wéi ass et méiglech, dass privat Investisseuren, déi selwer keng Doktere sinn, Cabinets médicales kënnen opmaachen an eng Autorisatioun fir medezinesch Geräter kréien? Wat ass hei d'Base légal a wéi eng Prozedure mussen duerchlaf ginn?

3. Vill vun den Dokteren aus de genannte Cabinete sollen ënnert engem sougenannten "Contrat de collaboratioun" dacks aus dem Ausland op Lëtzebuerg gelackelt an ënnert schlechte Konditiounen ugestallt ginn. Gëtt et eng legal Basis, déi esou Kontrakter reegelt an d'Doktere virun Ausbeutung schützt?
    - Wa jo, wéi eng?

- Wann nee, wéi kann et sinn, dass et scho Cabinete ginn, déi ënnert esou engem Regime funktionéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten